



Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen (par M. Fred Keup), Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

## 7. Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement

Ech géif dann d'Wuert ginn un den honorabelen Här Sven Clement fir den Depot vun enger Proposition de loi. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech versprechen Iech, ech maachen et kuerz. Et ass och eng ganz kuerz Proposition de loi. Et geet drëm, datt mer 2023 nieft de Chamberwalen, wat eis alleguerten heibanne jo bewosst ass, och Gemengewale wäerten hunn, wat och deene meeschten heibanne bewosst ass, well se och selwer wäerte Kandidat oder Kandidatin sinn.

Wat awer natierlech mat sech bréngt, datt et do och drëm geet, wien da wielen dierf a wéi einfach mer deene Leit et maachen, fir wielen ze kënnen.

Et ass esou, datt no den Zuele vum Statec am Moment 248.000 EU-Bierger zu Lëtzebuerg liewen a vun deene bis elo just 23 % sech op eng Wallëscht (veuillez lire: op eng Wielerlëscht) ageschriwwen hunn, vun deenen, déi eligibel sinn. Et ass nämlech esou, datt ronn 33 % vun deenen Électeurs potentiels am Moment nach exkludéiert gi vun de Walen, well se nach keng fënnef Joer zu Lëtzebuerg liewen.

Elo ass et esou, datt grad op Gemengenniveau, do, wou d'Politik wierklech am nooste fillbar ass, et jiddwerengem sollt méiglech sinn, fir un deene Walen ze participéieren. An dofir, Här President, deposéieren ech haut eng Proposition de loi, déi virgesäit, d'Residenzklausel fir EU-Bierger op Gemengenniveau ze kierz an et obligatoresch ze maache fir de Gemengebeamten, bei der Umeldung deen neie Resident ze froen, ob e sech da wëllt op d'Wielerlëscht aschreiwen oder net.

Mir hunn eis bewosst géint eng Obligatioun vun der Aschreiwung entscheet, well dat eng ganz Rëtsch aner Consideratiounen nach géif mat sech bréngen, soudatt dat heiten u sech eng kleng Ännerung ass, mee eng Ännerung, déi et awer enger ganzer Rëtsch Leit, déi vläicht 86 Deeg virun de Walen nach net onbedéngt sech mam Walkampf beschäftegt hunn, géif erlaben, eventuell un hire Gemeengewalen deelzehuelen.

Här President, wannechgelift!

**7823** - Proposition de loi

portant modification de

1. la loi électorale modifiée du 18 février 2003

2. la loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques au registre national des personnes physiques, à la carte d'identité, aux registres communaux des personnes physiques et portant modification de

1) l'article 104 du Code civil ;

2) la loi modifiée du 30 mars 1979 organisant l'identification numérique des personnes physiques et morales ;

3) la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;

4) la loi électorale modifiée du 18 février 2003

et abrogeant

1) la loi modifiée du 22 décembre 1886 concernant les recensements de population à faire en exécution de la loi électorale et

2) l'arrêté grand-ducal du 30 août 1939 portant introduction de la carte d'identité obligatoire

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement.

(La proposition de loi est renvoyée à la Conférence des Présidents.)



## 8. Question élargie n° 99 de M. Aly Kaes au sujet des syndicats des communes

Deen nächste Punkt vun eise Ordre du jour vun haut de Mëtten ass déi erweidert Fro Nummer 99 vum honorabelen Här Aly Kaes iwwert d'Gemengesyndikater. Den Auteur vun der Fro huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Aly Kaes (CSV).** - Villmools merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Minister, u sech hunn déi interkommunal Syndikater an deene leschte Joren eng enorm Evolutioun matgemaach. Eng Evolutioun net nëmmen an hirer Gréisst, mee och an der Komplexitéit vun all deem, wat se ze betreffen hunn.

D'Syndikater ënnerleien awer nach wie vor enger interkommunaler Gesetzgebung vum 21. Februar 2001. D'Syndikater hunn och op där anerer Säit Statuten. Déi Statute gesinn eng Rei Saache vir, déi ganz dacks erëm eng Kéier net am interkommunale Syndikatsgesetz virgesi sinn. An et ass och esou, datt de Ministère de l'Intérieur sech ganz kloer ëmmer méi strikt un déi Bestëmmungen hält, déi nun eeben an der aktueller Gesetzgebung stinn.

Jo, duerch d'Gréisst an d'Komplexitéit vun deene Syndikater ass et esou, datt dat mëttlerweil Betriber sinn, wou ee ka soen, datt déi iwwer 100 Leit beschäftegen, a wou déi deeglech Gerance schonn eng Komplexitéit a sech duerstellt. D'Syndikater hu bal alleguerten, ob dat am Drénkwaasser, Ofwaasser, ob dat am Offall, ob dat an der Informatik ass, Direkteren, mee déi Direkteren oder Ingénieur-directeurs sinn net an der Gesetzgebung virgesinn.

Et kann een also deenen Ingénieur-directeurs guer kee Pouvoir, zum Beispill d'Délégation de signature oder aner Delegatiounen fir déi deeglech Geschäfte ginn. Oder awer datt se un de Bureaue participéieren, a sech ass dat alles net an der Gesetzgebung virgesinn an a sech dierften déi Direkteren an där Form net tätég sinn. Dat wier awer an der Realitéit - an een, deen an engem interkommunale Syndikat aktiv ass, dee weess dat - onméiglech, fir dann déi Syndikater professionell kënnen ze begleeten, kënnen ze féieren.

Et sinn esou vill eenzel Elementer, ob dat Urgencé sinn, ob dat Permanencé sinn, ob dat Accreditatione sinn, ob dat all déi Projekte sinn, zu deenen Dag fir Dag mussen Decisiounen geholl ginn - ech kéint elo hei weiderfueren, et sinn op jidde Fall esou vill Elementer -, wou et nëmme geet, wann ee sur place ass, dee permanent kann decidéieren, wouhin net datt et geet. Natierlech decidéieren, nodeem en de Pouvoir vun engem Bureau respektiv vun engem Komitee vun engem Syndikat kritt huet.

Stellt Iech nëmmen ee Moment vir, de CGDIS géif esou fonctionéieren, datt allkéiers dann, wann eng Urgence wier, een emol misst Récksprouch mat der Madamm Ministesch huelen, ob een och dierf dohinnerfueren. Dat wier eng Saach vun der Onméiglechkeet. An duerfir ass de CGDIS natierlech anescht ers opgestallt. A selbstverständlech brauch den Direkter vum CGDIS dat natierlech net.

Dir gesitt also - an ech kéint virufueren, mee ech hunn net esou vill Zäit, duerfir muss ech dat kuerz maachen -, mir mussen also d'urgence eppes änneren, d'urgence, well déi Leit si permanent an der Illegalitéit, un administrativen oder um penale Plang, mee si kënnen sech erauswielen, wou se an der Illegalitéit sinn. An der Realitéit si se an der Illegalitéit an duerfir, mengen ech, musse mer d'urgence eng Rei Saachen änneren.

An zwar éischstens, datt ee kann als Bureau eng Délégation de signature ginn, datt déi Direktere kënnen un de Bureaue deelhuele. Un de Komiteeë kënnen se jo elo deelhuele eleng doduerch, datt se ëffentlech gi sinn. An der Zäit war dat och net de Fall. Du waren déi och à huis clos an duerfir war et net méiglech. Dann ass et esou, datt a sech eng ganz Rei spezifesch ... Jee nodeem, wat fir e Syndikat et ass a wat fir eng Attributioun en huet, muss de Bureau d'Méiglechkeet hunn an der Zukunft, gegeebenefalls den Direkter ze chargéieren, och déi deeglech Geschäfte an deene Beräicher, an all deene Beräicher, déi dann delegéiert ginn, wouerzehuelen.

Op jidde Fall ass et net esou an et kann net esou sinn, datt mer mussen drop waarden, bis d'Gesetz iwwert d'interkommunal Syndikater endlech geännert gëtt. Och wann d'Madamm Minister gudde Wëllen huet, sou gutt um Gemengeplang wéi un interkommunale Plang, eng Rei Saachen ze maachen, sou wier et ganz wichteg, wann dat hei d'urgence kéint geännert ginn, fir datt déi Leit dat, wat se haut scho wouerhuele, an der Legalitéit kënnen maachen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Kaes. D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

■ **Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur.** - Här President, fir d'éischt wëll ech dem Här Kaes Merci soe fir seng Ausféierungen. Ech si jo haut heihinnerkomm, fir d'Chamber ze consultéieren iwwert d'Reform vum Gemengegesetz a fir Iech och Iwwerleeunge scho kënnen matzedeele. An ech mengen, ech zéien dann einfach elo een Deel dovunner scho vir a wäert mech herno an der Consultatiounsdebatt op deem Punkt da méi kuerz halen.

Den Här Kaes huet grad richteg gesot, d'Gemengesyndikater si groussen Entwécklungen ausgesat gewiescht, d'Gemengen och. Mir wëssen alleguerten, d'Missiounen, d'Aufgabe si geklommen. An och Associatiounen wéi d'ALID (ndlr: Association luxembourgeoise des ingénieurs directeurs et ingénieurs directeurs-adjoints des syndicats de communes) soen dat zu Recht, wa se drop hiweisen, dass se eebe mat ëmmer erëm neien Erausforderungen an hirer deeglecher Aarbecht konfrontéiert sinn an dass d'Gesetzter eeben op verschiddene Punkten net ugepasst goufen.

Deene Problemer sinn ech mer duerchaus bewosst. Wéi mer déi regional Foren haten, wéi mer dee ganze Prozess vun der Refonte vum Gemengegesetz lancéiert hunn, ware jo och d'Beamten an d'Beamte vun de Syndikater dee Moment invitéiert. An och déi dote Punkte sinn do schonn zur Sprouch komm, wou si, wéi gesot, och zu Recht drop higewisen hunn. Dat kënnt Der iwwregens och am Rapport erëmfannen, deen ech Iech jo elo am Kader vun der Debatt zoukomme gelooss hunn.

An op Basis vun deene Resultater an eeben och deene konkrete Revendicatione vun der ALID a vun deenen aneren Associatiounen hu mer eebe grad just eng Prioritéit dovunner définiert. An déi Prioritéit seet eeben ..., also et schwieft eis eebe vir, d'Gemengeverwaltungen esou opstellen, dass si duerch hir Struktur, hir Moyer, hir Prozesser an och d'Kompetenze vun hirem Personal méi effizient a méi effikass kënnen schaffen. An dozu gehéiert och eng modern Personalgestioun a kloer Verwaltungsstrukturen, dat, wat Der jo och hei fuerdert.

Ech hunn och schonns viru Kuerzem dem Syvicol matgedeelt, dass mir eis kéinten duerchaus virstellen, eng nei Struktur mat an d'Administration ze huelen. Während déi strategesch, politesch Decisiounen natierlech weiderhi vun de Gewielte getraff solle ginn, kéint ee sech awer esou ee Poste virstelle vun engem Direkter, Direktesch, Coordinateur général - also iwwert den Numm kann een nach streiden. Mee op alle Fall schwieft eis vir, eeben esou ee Posten ze schafen, deen dann herno kéint Chef in oder Chef d'administration ginn.

Dës Persoun soll och eng Rei Missiounen kréien a sech virun allem ëm den Daily Business - dat ass jo och elo ee Punkt, deen Dir ganz konkret ugeschwat hutt - kënnen këmmen. An dee Moment ass och kloer, dass déi Persoun och Instruktiounen un d'Personal ka ginn, wat jo haut net de Fall ass an, wéi Der och schonn drop higewisen hutt, awer mol schonn zu schwieriger Situatiounen ka féieren.

Doniewent wéilt ech och gären eng Délégation de signature aféieren. Och dat hutt Der ugeschwat. Do denken ech, dass mer dat net nëmme solle fir d'Mandatsträger maachen, mee an deem Fall eeben och fir d'Direkteren. An ech maache jo selwer d'Erfahrung als Ministesch, ech gesinn, wéi dat engem awer duerchaus d'Aarbecht ka vereinfachen. An ech mengen, wa mer vun der Moderniséierung schwätzen a wëlle pragmatesch un d'Saachen eruoen, da gehéiert fir mech definitiv eng Délégation de signature derbäi.

Alleguerten déi Iddien, déi sollen elo an engem Gesamtkonzept vun enger moderner Personalgestioun erëmfanne sinn, wou mer awer nach amgaange sinn, den Detail auszeschaffen. Dofir och haut déi Consultatiounsdebatt, well et mer wichteg ass, awer och nach d'Iddien, den Input vun der Chamber kënnen ze kréien, fir dat eeben alles herno mat an dat Gesamtkonzept afléissen ze loos-sen.

Mir hunn awer och scho konkret Kontakt mam Syvicol opgeholl, fir en Aarbechtsgrupp anzusetzen, fir genau spezifesch déi dote Froen ze klären, fir dës kënnen ze preziséieren. An ech mengen, den Här Eicher kann Iech dat och genau bestätegen, dass deen Aarbechtsgrupp elo kuerzfristeg wäert zesummekommen, well hien och selwer wäert drun deelhuele.

A selbstverständlech, als Sozialistin ass et fir mech eng Evidenz, dass, wa mer konkret Iddien hunn, mer déi dann och mat de Concernéierte selwer, dat heescht hei dee Moment och mat de Gewerkschaften a mat den Associatiounen, wäerten diskutéieren, sou wéi ech dat jo vun Ufank u gesot hunn, dass mer déi Concernéiert wëlle consultéieren.

Ech denken, dass dat heite Konzept och der ALID wäert dee Moment Rechnung droen, dass dat sech scho mat hire Revendicationen deckt.

Par contre, wat ech elo net wëlle hunn ze maachen, ass, elo kuerzfristeg eng Dispositioun anze-

féieren, déi elo just nëmmen den Direktere géif zegutt kommen. Wéi gesot, mir sinn amgaangen, un engem Gesamtkonzept ze schaffen. Natierlech, d'Syndikatsgesetz muss och zesumme mam Gemengegesetz fonctionéieren. Ech mengen, déi leie beieeneen. A mir sinn, wéi gesot, do amgaangen, dat Gesamtkonzept auszeschaffen. Mir sinn do gutt ënnerwee. Mir hunn do schonn déi Aarbechtsgruppen en place gesat. Dat brauch elo vläicht nach ee Moment, bis ee sech do eens ginn ass. Mee ech mengen, den Zuch steet op de Schinnen. E wäert och geschwé lassfueren. An da sinn ech och zouversichtlech, dass mer dat do gekläert kréien. Op alle Fall vu menger Säit hunn ech absolutt Verständnis dofir an ech mengen, do leie mer och ganz no beieeneen, dass mer dat dote gäre wëllen esou änneren.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

## 9. Débat de consultation au sujet de la refonte de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

An et ass scho puermol ugeklongen: Deen nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten ass d'Consultatiounsdebatt iwwert d'Gemengereform. An ech ginn direkt d'Wuert zrëck un d'Madamm Taina Bofferding, eis Inneministesch.

### Exposé

■ **Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur.** - Dann hätt ech och kënnen stoebleiwen. Gutt.

Här President, Kolleeginnen, Kolleegen, „mateneen fir eng modern Gemeng“, dat ass net nëmmen de Slogan vun der Campagne zur Refonte vum Gemengesetz, mee et ass carrement de Programm am Intérieur, dee sech wéi e roude Fue dem duerch meng politesch Aarbecht zitt.

Wat ass eigentlech eng modern Gemeng? Ben, eng modern Gemeng brauch ganz kloer e legale Kader, deen hir eng gewësse Flexibilitéit gëtt, an och Instrumenter, fir sech eeben den Erausforderungen vun haut a vu muer kënnen ze stellen.

Mir mussen hei am Land mat der Zäit goen, dat heescht, mir mussen eis de gesellschaftlechen, politeschen an och technologeschen Entwécklungen upassen, fir dass mer och weiderhin e ganz staarke Gemengesecteur hei am Land hunn, esoudatt d'Gemeng, déi jo och e Serviceprovider ass, hire Biergerinnen a Bierger beschtméiglech Déngschter kann offréieren; dat, andeems eng Gemeng gutt Liewensqualitéit garantéiert, de Biergerinnen a Bierger héichwäerteg Servicer a modern Infrastrukturen ubitt an awer och gläichzäiteg d'Chancen duerch d'Digitaliséierung kann notzen. An un all deem schaffe mer elo schonn intensiv am Intérieur.

Ee Punkt hunn ech jo scho virgezunn, dat ass dee vun der Reform vun der Tutelle administrative. D'Zil besteet jo doranner, de System vun der Iwwerwachung iwwert d'Gemenge kënnen ze moderniséieren an ze vereinfachen, engersäits duerch eng Reduktioun vun der Zuel vun den Approbatiounen an anerersäits duerch d'Aféierung vun der Transmission obligatoire, fir eeben esou effikass an transparent Prozeduren ze erméiglechen.

Ausserdeem wëlle mer Delaien aféieren, wat et jo elo net iwwerall am Gemengesecteur gëtt, wat ech awer extrem wichteg fannen, wa mer vu moderne Gemenge schwätzen, fir eeben och hei de Gemengen awer d'Sécherheet ze ginn, dass si spëtstens an dräi Méint eng Äntwert vun eis kréien. An dee ganz groussen Defi heibäi dierft sécherlech sinn, dass mer dëst alles jo nach mussen digitaliséieren.

Manner Surveillance bedeit méi Eegeverantwortung. Och muss d'Roll vum Intérieur sech hei änneren: Ewech vum rengen Contrôleur hin zu méi Berodung, méi Begleedung - dat schwieft mer vir, wat mir amgaange sinn ze maachen. A ganz besonnesch eeben och, d'Gemenge schonn am Virfeld kënnen ze ënnerstëtzen, ier se eng Decisioun mussen huelen. Also konkret si mer amgaangen, den Intérieur anescht opstellen.

A gutt Erfarungen hu mer jo schonn doranner gemaach. Ech denken zum Beispill un den Aménagement communal mat eiser Plattform PAP oder och d'Finanzberodung, déi mer jo ganz rezent offréieren.

A wa mer dovunner schwätzen, den Intérieur anescht opstellen, da schwätze mer och direkt vun der Digitaliséierung, vun der Dematerialiséierung. An den Haaptdefi, ech hunn et scho virdro gesot, besteet sécherlech doranner, dass mer elo alleguerten déi Prozesser, alleguerten déi Schrëtt mussen digitaliséieren. An da gesäit een och op eemol ganz séier, wann een domadder lassleet, dass dat guer net esou evident an net ëmmer esou kloer ass. Duerfir schaffe mer op deem Punkt hei op Héichtouren a mir hunn am Intérieur och eng Grupp, déi sech exklusiv just ëm d'Digitaliséierung këmmert. Mir hunn eis do och Kompetenz vu bause geholl, fir dës eebe kënnen en place ze setzen. A mir hunn och elo Pilotgemen-